



Groupe parlementaire

Depot: Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2023

Interpellation - Dëp. de
la Police Grand-Ducal



MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- wann et zu engem méi kriteschen Asaz kënn, bei deem den Asaz vun enger Schosswaff eng Roll spillt, dee betraffene Beamte ganz kuerzfristeg nom Asaz vun der Inspection générale de la police (IGP) gehéiert gëtt;
- de Beamten an deem Ament zwar e Rechtsbäistand ufroe kann, dësen awer ni an där ganz kuerzer Zäitspan (vun ongeféier 30 Minutten) kann disponibel sinn, an/oder, datt dëse Bäistand och ka refuséiert ginn;
- wann de Rechtsbäistand refuséiert gëtt, de Polizist keng aner Wiel huet, wéi en Affekot ze engagéieren, deen de Beamten aus senger eegener Täsch bezuele muss;

ass sech bewosst, datt

- de Polizist an esou enger Situatioun meeschtens ënner Schock steet an - obwuel him gesot gëtt, dat hien näischt ouni säin Affekot muss soen - d'Gefor grouss ass, datt hien sech dowéinst an deem Schockzoustand onkoherent a mëssverständlech ausdréckt an dëst duerno géint hie verwennt ka ginn;

fuerdert d'Regierung op,

- datt de Polizist bei esou Virkommisser, déi beim Ausübe vu sengem Déngscht geschitt sinn a wou hien huet oder hätt misse Gebrauch vu senger Schosswaff maachen, direkt op de Rechtsbäistand vun engem Affekot kann zeréckgräifen, dee systematesch vum Staat bezuelt gëtt an datt hien net gehéiert gëtt, bis datt säin Affekot physesch present ass.


Fernand Kartheiser